



Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural,	QP N°2438 8
Référence: <u>327/2020</u>	
25 JUIN 2020	
A traiter par:	
Copie à:	

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 25/06/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Landwirtschaft, Mobilitéit & Justiz weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°841 hat ech de Landwirtschaftsminister gefrot, wat während der Hëtztwell de leschte Summer am Beräich vun den Déierentransporter ënnerhol gouf. D'EU-Reglement 1/2005 gesäit jo verschidde Konditiounen fir Déierentransporter vir an och wéi dës organiséiert musse sinn, fir d'Wuel vun de Déieren ze garantéieren.

A senger Äntwert hat de Minister geschriwwen:

"Wat elo déi auslännesch Transporter betrëfft, déi am Transit duerch eist Land fueren, ginn dës Kontrollen vun der Douane respektiv der Police duerchgefouert. Et handelt sech hei ëm Routineskontrollen déi bei Camionen duerchgefouert ginn oder spezifesch Kontrollen déi sech op Déierentransporter konzentréieren.

Wat elo déi lescht Woch mat héijen Temperaturen betrëfft, si keng spezifesch Kontrollen duerchgefouert ginn an et sinn bei den normalen Kontrollen keng schwéierwiegend Mängel opgefall."

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kontrolle goufen an de Summerméint 2019 vun der Police, der Douane an der Veterinärsinspektioun am Beräich vun den Déierentransporter duerchgefouert?
2. Eist Déiereschutzgesetz gesäit a sengem Artikel 17 (2) Punkt 4 eng Strof vun 251 bis 200000 Euro an/oder 8 Deeg bis 3 Joer Prisong vir, fir déijéineg, déi bei engem Déierentransport d'Sécherheet an d'Wuelbefanne vun den Déiere mëssuechten. Géint wéi vill Persounen a Sociéité ass dës Strof insgesamt schonns ausgesprach ginn?
3. Mam Summerufank stinn déi nächst Hëtztwelle sécherlech virun der Dier. Wéi eng Mesurë wäert de Landwirtschaftsminister ënnerhuelen, domat d'Temperature an den Déierentransporter fir d'Déieren agreabel bleiwen, wann se vun, op oder duerch Lëtzebuerg fueren?



www.piraten.lu

4. Ass geplangt, erëm Restriktiounen bei den Déierentransporter anzeféieren, falls d'Temperature méi wéi 35 Grad erreechen? Falls jo, wat genee ass geplangt?

5. A senger Äntwert hat de Minister iwwerdeems geschriwwen:

"Wat d'Transporter am Transit betrëfft, ass et ganz schwieereg déi ze verbidden aus dem Grond well mir keng Opfaangstrukturen, sougenannt "points d'arrêt" hei zu Lëtzebuerg hunn wou déi Déieren kënnen ofgelueden an mat Fudder an Waasser versuergt ginn."

Ugesiichts, datt d'Regierung ëmmer erëm betount sech fir ee staarken Déiereschutz anzesetzen an dem Fakt, dass vill Camione wéinst dem Tanktourismus de Wee iwwer Lëtzebuerg fueren,

1. firwat existéiert zum aktuellen Zäitpunkt nach keng esou Opfaangstrukturen op eisem Territoire?
 2. Wat wär de Käschtepunkt fir esou eng Opfaangstrukturen installéieren?
 3. Wäert d'Regierung esou Opfangstatiounen zu Lëtzebuerg opriichten oder opriichte loossen?
6. Wäert Regierung sech um europäeschen Niveau dofir asetzen, fir eng Maximaldistanz fir Déierentransporter anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 25 juin 2020

Objet : Question parlementaire n° 2438 du 25.06.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen
- Transports d'animaux durant la canicule

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 327/2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 03.08.20

Objet: Question parlementaire n°2438 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, de Madame la Ministre de la Justice, de Monsieur le Ministre de la Sécurité Intérieure et de Monsieur le Ministre des Finances à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,



Romain SCHNEIDER

Réponse commune du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, du Ministre de la Justice, du Ministre de la Sécurité intérieure et du Ministre des Finances à la question parlementaire n° 2438 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen

1. Wéi vill Kontrolle goufen an de Summerméint 2019 vun der Police, der Douane an der Vétérinairesinspektioun am Beräich vun den Déierentransporter duerchgefouert?

Vum Juni bis August 2019 sën 22 Laangzäitdéierentransporter aus Lëtzebuerg rausgaangen. All Transport ass no de Bestëmmunge vum Règlement (CE) 1/2005 kontrolléiert a genehmegt ginn.

Während de Summerméint 2019 ass just ee Laangzäitdéierentransport aus Frankräich a Lëtzebuerg rakomm. Wéi am Règlement virgesinn, ass eng Kontroll vum bien-être animal à destination gemaach ginn.

Am Transit waren et am Ganze 4 Déierentransporter, déi duerch Lëtzebuerg gefuer sinn.

D'Police hat zwou Interventiounen am Beräich vun den Déierentransporter, déi all Kéiers op en Appell stattfonnt hunn. Heibäi huet et sech all Kéiers ëm Camione gehandelt, déi Déieren transportéiert hunn, an an der praller Sonn stationéiert waren. An deenen zwee Fäll konnt awer kee Verstouss festgestallt ginn.

D'Douane huet 3 Kontrollen duerchgefouert, während dës Kontrolle goufe keng Infractione festgestallt.

2. Eist Déiereschutzgesetz gesäit a sengem Artikel 17 (2) Punkt 4 eng Strof vun 251 bis 200.000 Euro an/oder 8 Deeg bis 3 Joer Prisong vir, fir déijéineg, déi bei engem Déierentransport d'Sécherheet an d'Wuelbefanne vun den Déiere mëssuechten. Géint wéi vill Persounen a Sociéiteiten ass dës Strof insgesamt schonns ausgesprach ginn?

Am Kader vum Artikel 17(2) vum Déiereschutzgesetz vum 2018, gesäit den Punkt 4 eng Strof vun 251 bis 200.000 Euro an/oder 8 Deeg bis 3 Joer Prisong vir, fir déijéineg, déi bei engem Déierentransport d'Sécherheet an d'Wuelbefanne vun den Déiere mëssuechten. Am Laaf vum Joer 2019 huet d'Stater Bezirksgeriicht keng Verurteilung ausgesprach. Dës gëllt och fir d'Dikrecher Bezirksgeriicht.

Des weideren informéieren d'Parquet'e Lëtzebuerg an Dikrech dass säit dem Joer 2004 keen Protokoll ausgeschriwwen ginn ass.

3. Mam Summerufank stinn déi nächst Hëtzwelle sécherlech virun der Dier. Wéi eng Mesurë wäert de Landwirtschaftsminister ënnerhuelen, domat d'Temperaturen an den Déierentransporter fir d'Déieren agreabel bleiwen, wann se vun, op oder duerch Lëtzebuerg fueren?

Am europäesche Règlement N° 1/2005 iwwert d'Protektioun vun den Déiere während dem Transport an den Operationsannex ass gereegelt, ënnert wat fir enge Konditiounen d'Déierentransporter därefen ausgefouert ginn, ënnert anerem och de Volet héich Temperaturen. Dës Bestëmmunge mussen erfëllt sën, fir datt eng Autorisatioun fir den Transport ausgestallt ka ginn.

4. Ass geplangt, erëm Restriktiounen bei den Déierentransporter anzeféieren, falls d'Temperature méi wéi 35 Grad erreechen? Falls jo, wat genee ass geplangt?

Sou wéi déi Jore virdru gi keng Laangzäittransporter an d'Türkei, wéinst den héijen Temperaturen an de laange Waardezäiten op der Grenz während de Summerméint autoriséiert.

5. A senger Äntwert hat de Minister iwwerdeems geschriwwen:

“Wat d'Transporter am Transit betrëfft, ass et ganz schwiereg déi ze verbidden, aus dem Grond, well mir keng Opfaangstrukturen, sougenannt “Points d' Arrêt”, hei zu Lëtzebuerg hunn, wou déi Déieren kënnen ofgelueden a mat Fudder a Waasser versuergt ginn”.

Ugesichts, datt d'Regierung ëmmer erëm betount, sech fir ee staarken Déiereschutz anzusetzen, an dem Fakt, dass vill Camione wéinst dem Tanktourismus de Wee iwwer Lëtzebuerg fueren,

1. Firwat existéieren zum aktuellen Zäitpunkt nach keng esou Opfaangstrukturen op eisem Territoire?

An sou engem klengen Land wéi Lëtzebuerg, wou d'Transporter aus deenen anere Länner just den Transit ouni gréisser Paus maan, an datt och nach nëmmen a gerénger Unzuel, besteet keng reell Nofro no sou enge Strukturen, déi iwwerdeems och nach a privater an net an staatlecher Hand sënn.

2. Wat wär de Käschtepunkt fir esou eng Opfaangstruktur z'installéieren?

Vu datt déi Opfaangstrukturen am Ausland privat sënn ass et um Bedreier vun deenen Strukturen d'Gestioun esou ze organiséieren, dass d'Onkäschte gedeckt sinn.

3. Wäert Regierung esou Opfangstatiounen zu Lëtzebuerg opriichten oder opriichte loossen?

Eng staatlech Opfänkstatioun ass zum heitegen Zäitpunkt net virgesinn.

6. Wäert d'Regierung sech um europäesche Niveau dofir asetzen, fir eng Maximaldistanz fir Déierentransporter anzeféieren?

Lëtzebuerg huet sech bis elo an deene verschiddene Gremien an haaptsächlech um Niveau vum Agrarconseil zu Bréissel dofir agesat, dass d'Maximaldauer vum Transport vun Déieren an d'Schluechthaus sollen op 8 Stonne limitéiert ginn. Bis elo huet sech awer ni eng Majoritéit vun Memberlänner fonnt, déi vir esou eng Limitatioun stëmme géifen. Et sinn haaptsächlech grouss Länner oder Länner, déi vill op den Export vu liewegen Déieren ugewise sinn, déi net bereet sinn, mat op dee Wee ze goen.
